

Walfer Bicherdeeg

Infoblatt



Sonndeg, den 19. November 2017

1. Sait - Thema 2017
2. Sait - Lëtzebuurger Buchpräis
3. Sait - Pit Wagner
- Monique Feltgen
- Fënnef vir Zwou
4. Sait - Interview mam Claude Meisch
- Impressum

D'Infoblatt vum Lycée Robert-Schuman

De Lycée Robert-Schuman ass frou lech mat dësem Newsletter e klengen Iwwerbléck iwwer dat mat op de Wee ze ginn, wat lech hei zu Walfer op der 23. Ausgab vun de Bicherdeeg erwaart.

En Team vu Schüler aus dem LRSL, déi och eis immens erfollegräich Schülerzeitung „Fënnef vir Zwou“ produzéieren, huet elo schonn dat véiert Joer d'Responsabilitéit iwwerhuel fir lech hei e puer flott Eventer an interessant Interviewe mat bedeelegte Leit dokumentéiert ze hunn.

Luc Wildanger



D'Walfer Bicherdeeg 2017

D'Walfer Bicherdeeg sinn 1994 gegrënnt ginn. D'Iddi zu Walfer eng Bicherfoire ze grënnen, huet hiren Ursprung op engem Stammdësch am „Café 10 octobre“ fonnt. Ënnert dem deemolege Buergermeeschter Marcel Sauber huet d'Gemeng d'Raimlechkeeten zur Verfügung gestallt. Am Ufank waren d'Bicherdeeg just e Bicherdag an hunn nëmme sonndes am Centre Prince Henri zu Walfer stattfonnt.

Spéider gouf se an zwou Sportshalen a grouss Zelter verluecht, well d'Bicherdeeg ëmmer méi un Interessi gewonnen hunn an de Centre Prince Henri net genuch Plaz fir déi wuessend Zuel u Bicher- a Literaturinteressente gebueden huet.

D'Walfer Bicherdeeg gouf zum Treffpunkt fir Lëtzebuurger an och auslännesch Schrëftsteller, an ass haut e feste Bestanddeel vun der Lëtzebuergescher Kulturzeen.

2006 gouf fir d'éischte Kéier de Lëtzebuurger Buchpräis verginn. 2015 konnten d'Walfer Bicherdeeg hire ronnen 20. Gebuertsdag feieren, a souguer Literaturgréisste wéi d'Ingrid Noll fannen hire Wee no Walfer. Dëst Joer ass et also schon déi 23. Editioun vun de Bicherdeeg ënnert dem Motto "Kreativitéit".

An ewéi all Joer sinn och dëst Joer erëm vill Leit op Walfer komm fir hir Bicher ze presentéieren.

Déi offiziell Ouverture vun de Walfer Bicherdeeg war um hallwer zéng am Festzelt. Fir d'éischt huet den neie Buergermeeschter vu Walfer, de François Sauber, e puer Wuert geschwat. Dono koum de Staatssekretär Guy Arendt fir eng kleng Ried op d'Bühn. Als nächst huet den Educationminister Claude Meisch d'Wuert iwwerholl an e bësschen iwwer Kreativitéit an der Schoul an an der Beruffswelt geschwat. Zum Schluss huet de Gast Bache der Walfer Gemeng d'Plaque Dicks-Rodange-Lentz 2017 iwwerreicht.

D'Autorin Susy Schmit huet eis erkläert, dass si duerch d'Gebuert vun hirem éischte Kand dozou komm Geschichten ze schreiwen. Si mécht dat ewéi vill vun hire Kollegen nïewerberflech. „Dat

ass just en Hobby vu mir, well et brauch ee vill Zäit an da et jo haapt-sächlech lëtzebuergesch Bicher sinn, ass de Public jo och deemtsprechend méi kleng.“

Dat huet eis och de Georges Kieffer bestätegt: „Also ganz um Ufank wollt ech Indianer ginn oder Rockmusiker ginn oder Band Dessinéen zeechnen, an ech konnt näischt vun deenen dräi. Awer u sech kann een hei zu Lëtzebuerg net eleng vum Schreiwe liewen, also ass et gutt wann een nach en anere Job huet.“ Obwuel hien Engleschproff ass, schreift hien awer op Lëtzebuergesch. „Ech schreiwen op Lëtzebuergesch, well dat meng Mammesprooch ass a well een do awer de gréisste Wuertschatz huet.“

Mir hunn och mam Christiane Ehlinger geschwat, si huet e Stand an der Kannerhal. Si huet do vill vun hire Bicher

ausgestallt, ewéi z.B. „ee feine Jong“, „dem Emil säin Zant“ a „D'Lynn an de Charel“. Si schreift iwwer Themen ewéi Mobbing, Drogen oder d'Angscht virum Zänndokter. Si probéiert all Joer en neit Buch erauszebréngen a vill dovunner ginn och an de Schoule gelies.

Kreativitéit ass dee Faktor den de Mënsch zu dem mécht, wat en ass. D'Bicherdeeg hunn sech dësem Sujet komplett verschriwwen.

Ausstellungen, Dialogen tëschent Kënschtler ewéi dem Jean-Marie Biwer an dem jonken an talentéierte Kënschtler Jérôme Koch, awer och Live-Zeechnunge mam Kënschtler Pit Wagner. Déi wuel gréissten Neierung awer ass d'„Walfer Autorenresidenz“ a Kooperatioun mat de Cahiers luxembourgeois.

Et kann een also mat grousser Sécherheet soen, dass kee Visiteur d'Bicherdeeg dëst Joer verléisst, ouni eng Inspiratioun oder seng kreativ Oder entdeckt ze hunn.

Lëtzebuurger Buchpräis

En Donneschden, de 16. November ass fir déi 12. Kéier de Lëtzebuurger Buchpräis iwwerreecht ginn. Dëst Evenement huet sech fest op de Walfer Bicherdeeg etabléiert a ka scho méttlerweil als offizielle Startschoss vun de Bicherdeeg ugesi ginn.

D'Soirée ass mat enger kuerzer Begréissung vum Buergermeeschter François Sauber lassgaangen. Laanscht een Numm war awer un dem Owend, sou wéi och um weidere Verlaf vun de Walfer Bicherdeeg, ganz schwéier ze kommen: de réischt kierzlech verstuertene Patrick „Petz“ Hartert. Hie war säit der Grënnung vun de Walfer Bicherdeeg e feste Bestanddeel vun de Bicherdeeg, an esou wäerten och déi ganz dësjäreg Walfer Bicherdeeg eng Aart Hommage un de „Petz“ Hartert sinn.

De Jury huet sech dëst Joer aus dem Claude D. Conter (CNL), dem Julie Conrad (Designerin), dem Bea Kneip (RTL), dem Sascha Dahm (Student un der Uni Luxemburg), dem Isabel Spigarelli (Auteurin) an dem Jeanne Tournau-Offermann (Musel-Sauer Mediathék Waaserbëlleg) zesummegeat.

Direkt gestart ginn ass mat der Kategorie Kanner- a Jugendbuch. Gewonnen huet: **„Tel Mo“, Roland Meyer (Op der Lay)**

Déi nächst Kategorie war d'Literatur, wou d'Simone Beck de Gewënner verkënnen duerft: **„Aname“, Charles Meder (Op der Lay)**

Déi lescht grouss Kategorie, déi nach bliwwen ass, waren d'Beaux-livres mat direkt zwee Gewënner: **„I'm not a refugee“ (Maison Moderne)**

an **„Le pays des 3 frontières“, Philippe Stachowski (Éditions Klopp)**.

Op den dëst Joer neien Design-Präis war ee ganz besonnesch houfreg, well de Layout grondleeënd zum Lieserliewnis vun engem Buch bäidréit an awer leider an der Ver-



gaangenheet net genuch appreciéiert gouf. Gewonnen huet dësen: **„D'Linn Lynn“, Luc Marteling/Tom Schartz (Edition Kremart)**.

E weidere Präis war de Publikumspräis, fir den de Public konnt kategoriewergräifendes am Virus ofstëmmen a gewonnen huet: **„I'm not a refugee“ (Maison Moderne)**

Soumat ass dëst Buch un dësem Owend gläich mat zwee Präiser ausgezeechent ginn. Souwuel mam Jury Präis an der Kategorie Beaux-livres, wéi och mam Publikumspräis.

De leschte Präis vum Owend war de Coup-de-Cour vum Jury a gewonnen huet: **„Larven“, Nora Wagener (Hydre Éditions)**

Domat war dunn och d'Präiswerréechung eriwuer an den Owend ass mat engem Walking-Dinner a gudder Ambiance zu Enn gaangen.

Zeecheworkshop mam Pit Wagner

Am 1. Stack vum CAW fënnt déi zwee Deeg vun de Bicherdeeg en Zeechenworkshop mam Kënschtler Pit Wagner statt. An enger roueger Atmosphär schwätzt den Artist iwwert seng Aarbecht an huet eis verrodend, wéi hie seng Wierker entwerft. Hien zeechent Band Dessinéen a brauch deelweis bis zu dräi Stonne fir eng Säit fäerdeg ze stellen, wat weist, dass nieft der néideger Kreativitéit och vill Aarbecht a senger Wierker stécht. Hien huet ënner anerem eng BD iwwer d'Reaktioun vu Leit op "Fake Art" gemaach.

Nom Pit Wagner sengen Erklärungen dierfen d'Visiteure selwer probéieren ee Comic ze erfannen oder och einfach ee Bild ze zeechnen, an esou hirer eegener Kreativitéit freie Laf ze loosse. Hei konnt ee sech zum Beispill och un Bambusfiedere mat Encre de Chine versichen. Dat ganz huet eis emol vill Spaass gemaach an et ass natierlech besonnesch interessant fir Leit, déi u Konscht interessiert sinn.

Interview - Monique Feltgen, Massimo Brugnani

„Dolbod, der Goldianer“ ass en däitscht Jugendbuch, geeignet fir Lieser „vun 9 bis 99 Joren“ ewéi d'Autorin selwer seet. Am Buch begéint d'Zwillingskoppel Mia und Leon am Bësch e friemt Geschöpf : „Dolbod, dem Goldianer“. Hien freet si hien ze begleeden fir Goldia, ee fir eis Mënschen unbekannt d'Land, vun der Herrschaft vum béisen Hexer Tharun ze befreien.

Wat huetlech zu Ärem Wierk inspiréiert?

Ech hunn dat Buch mat mengem Jong zesumme geschriwwen. Wéi mir virun aacht Joer an der Vakanz ware, wollt ech hien iergendwéi beschäftegen, fir dass hien net ëmmer mat sengem Gameboy spillt. Dofir hunn ech him gesot, e soll mir vun engem erfonnte Männchen an enger anerer Welt erzielen. Déi Iddien hunn ech dunn opgeschriwwen an ëmmer erëm an d'Vakanz matgeholl, sou dass mir no zwee, dräi Joer sou vill Material zesummen haten, dass ech virgeschloen hunn, e Buch dorausser ze maachen. Dat sollt awer ufanks net publizéiert ginn; mir wollten et just fir eis schreiwen. An op eemol hunn ech dunn awer de Massimo gefrot, ob hie Loscht hätt wierklech e Buch ze publizéieren. Zu deem Zäitpunkt hat hien néng, zéng Joer, dofir hunn ech d'Schreiwen iwwerholl an hien huet d'Iddie geliwwert.

Wat war dat da fir eng Erfahrung e Buch zesumme mat Ärem Jong ze schreiwen?

Dat ass natierlech genial, wann ee mat sengem Jong esou e Projet zesumme maache kann. Et huet eis op eng aner Manéier méi no bruecht. Elo ass hien e bëssche méi al a gesäit dat Ganzt anescht, mee fir mech als Mamm war dat natierlech immens schéin, well ech och nach gäre schreiwen.

War et eng grouss Ëmstellung vu Krimi op Fantasy?

Vu dass ech am Ufank jo kee Buch wollt schreiwen, hunn ech mir kee Stress gemaach. Wa mir owes fäerdeg waren, war dat fir mech ofgeschloss, well mir déi Geschichte just fir eis kreéiert hunn. Wéi et dunn zu engem richtege Buchprojet ginn ass, hunn ech mech awer net vill missen ëmstellen. Genau wéi bei menge Krimie kouw alles aus dem Bauch eraus, ganz ouni Stress.

Wéi ee Genre Bicher liest Dir perséinlech gären?

Also eigentlech liesen ech vun allem, mee ech vermeide Krimien, fir mech net a mengem Genre beaflossen ze loosse. Ech lise gäre wat grad op de Bestseller-Lëschte steet, awer och sou Saache wéi Documentairen oder Biographien.

De „Fënnef vir Zwou“ op de Walfer Bicherdeeg

Schonn déi 4. Kéier sinn d'Schüler vun der LRSL Schülerzeitung op de Walfer Bicherdeeg fir een Infoblat fir d'Visiteuren ze maachen. Dëst Joer huet d'Team sech souguer virgeholl net just ee sou een Infoblat ze verfaassen, mee esouguer zwee. Eent fir Samschdes an eent fir Sonndes.

Ënnert der Leedung vum Här Wildanger ass dofir een Team vun dräizéng Schüler aus dem LRSL den 18. an de 19. November op de Bicherdeeg ënnerwee. D'Schüler interviewen Auteuren, Prominenz, Politiker an och Aussteller, mécht sech Gedanken iwwert de Motto „Kreativitéit“, a besicht d'Veanstaltungen.

Nieft der Aarbecht, an natierlech och dem Stress mécht de Projet op de Bicherdeeg dem Team awer och dëst Joer erëm vill Spaass. D'Schüler schreiwen net just d'Artikele, mee si iwwerhuelen och de Layout vum Blat. Si hu missen hir Artikelen ewéi richteg Journalisten direkt schreiwen fir d'Deadline anzehalen. Esou sinn d'Bicherdeeg all Joer eng flott Erfahrung fir ze gesinn, ewéi am Dagesjournalismus geschafft gëtt.

Interview mam Claude Meisch

Wéi ee Wäert hunn d'Walfer Bicherdeeg fir d'Lëtzebuurger Land?

Et ass ee vun de Kulturellen Highlighten, wou Auteuren a Lieseraten zesumme kommen. Et ass awer och en Diskussionsforum. Fir déi lokal Auteuren ass et eng ganz wichteg Bühn fir kënnen hir Wierker ze presentéieren. D'Walfer Bicherdeeg sinn eng enorm Reklamm fir d'Literatur am ganzen an et weist natierlech och, dass nach ëmmer immens vill gelies gëtt. Dat weist ganz kloer, dass trotz den neie Medien d'Buch net wäert ausstierwen, well et och e Stéck vun eiser Kultur a vun eiser Identitéit ass.

Wei ass et dann elo méi spezifesch mat der Lëtzebuurger Literatur? Huet déi och e Stellewäert am Ausland?

Fir d'Lëtzebuurger Literatur an d'Lëtzebuurger Sprooch am Ausland ze vermaarten ass natierlech eng schwéier Affär. Ech fannen et ganz flott, dass och Lëtzebuurger Auteuren nächst Joer zu Frankfurt op der Buchmesse d'Geleeënheet kréie fir hir Wierker do ze presentéieren an ze weisen, dass och Lëtzebuerg eng ganz lieweg Literaturzeen huet an et do absolut ka mathale mat anere Länner.

Gëtt d'Lëtzebuurger Literatur genuch an der Schoul gefuert?

Mir musse kucke wéi mir hei zu Lëtzebuerg méi Lëtzebuurger Auteure gelies kréien an ech mengen do huet och d'Schoul eng ganz wichteg Roll. Do leeft och eng ganz flott Zesummenaarbecht tëschent de Schoulen, eisem Skript an dem nationale Literaturzenter. Do ginn zum Beispill Lëtzebuurger Auteure geholl an da ginn Aarbechtsënnerlagen erstellt fir den Enseignant an et méi einfach ze maachen des Bicher an de Cours anzubannen, fir dass se och méi an der Schoul gelies ginn.

Thema vun de Walfer Bicherdeeg ass jo d'Joer Kreativitéit. Wat fir eng Roll spillt dann d'Kreativitéit an der Schoul?

Sou wéi déi traditionell Schoul schafft ass oft net genuch Raum fir Kreativitéit, well eng Wëssensvermëttelung wichteg ass. Dofir fuerdere mer ganz aktiv Projekte fir an der Schoul oder no der Schoul de Schüler d'Méiglechkeet ze ginn hir Kreativitéit ze entfalten, dat ass e Moyen fir d'Kreativitéit vun de Kanner ze fuerderen. Wann ech den Alldag vun de Kanner kucken, dann hu se oft en komplett vu Frieme bestëmmte Wee a ginn op engem fixe Wee gehalten, woubäi et awer wichteg ass hinnen do eng Fräiheet ze gi fir kënnen hir eege Kreativitéit ze entwéckelen. Kreativitéit

ass awer haut immens wichteg am Liewen an et gëtt kaum nach en Beruff den ouni se geet, well déi Beruffer ginn ëmmer méi duerch Roboter ersat.

Wat ass da Äre perséinlechen Highlight vun de Walfer Bicherdeeg?

Dat war ganz kloer mäi fréiere Franséischproff de Jhemp Hoscheid erëm ze gesinn, de schonn déi Zäit selwer geschriwwen huet, souwuel Kannerbicher ewéi och Literatur. An et war einfach schéi mol erëm eng Kéier kenne mat him ze schwätzen, well et awer och Persoune wéi hie sinn, déi engem säi Liewe prägen.

Sidd Dir dann och selwer e begeeschterte Bicherfrënd?

Jo, mee ech muss awer zouginn, dass ech vill méi Bicher kafe wéi ech dann awer herno am Endeffekt liesen, well mer mëttlerweil einfach d'Zäit dofir feelt.

Hutt Dir dann nach en Liiblingsbuch?

Dat ass schwéier. Ech hu Bicher, déi mech a mengem Liewen inspiréiert hunn an un déi ech gären zréckdenken. Ech sinn eigentlech e Mënsch, deen ëmmer weider sicht an net gäre stoe bleibt a mäi Liiblingsbuch ass och dofir ëmmer dat wat ech grad liesen, wann et mer gefält.



LRSL

LYCÉE ROBERT-SCHUMAN
LUXEMBOURG

Produziert vum Team vun der LRSL „Fënnef vir Zwou“ Schülerzeitung:



Gianni Di Paoli, Elsa Hengel, Ben Stemper, Christine Mangan, Lele Yin, Marie Wivenes, Michèle Wetz, Max Gerdemann, Liam Raach, Anna Schroeder, Angelina Kysil, Jelena Thiel, Louise Winandy

www.lrsl.lu